N°976
Entrée le 08.07.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 09.07.2024
Chambre des Députés

déi gréng

**Här Claude Wiseler**

President vun der Chamber

Ministère de l'Agriculture,
de l'Alimentation
et de la Viticulture 8
Référence : 480/2024
9 JUIL. 2024
A traiter par :
Copie à :

Lëtzebuerg, den 8. Juli 2024

Här President,

Esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro iwwert **de Vott vun der *Nature Restoration Law*** un d'**Madamm Ministerin fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau** weiderzeleeden.

An engem Artikel an der Lëtzebuerger Press vum 5 Juli 2024 ass ze liesen, dass dem Här Ëmweltminister seng Zoustëmmung fir d'*Nature Restoration Law* am EU-Ëmweltconseil de 17 Juni bei der Madamm Landwirtschaftsministerin zu "Onmutt" gefouert hätt, an dass dës Ofstëmmung net mat den anere Minister.inn.e vun der Regierung ofgeschwat gi wier.

An dësem Kontext erlaben ech mir follgend Froen ze stellen:

1. **Huet d'Madamm Ministerin eng aner Positioun zu der *Nature Restoration Law* wéi déi, déi vum Ëmweltminister am EU-Ëmweltconseil de 17 Juni vertruede gouf?**
2. **Wa jo, wéi ass der Madamm Ministerin hir Positioun zur *Nature Restoration Law*?**
3. **Ass d'Madamm Ministerin am Virfeld vum Vott beim Här Ëmweltminister interveneiert fir d'Lëtzebuerger Positioun zum besote Punkt ze änneren?**
4. **Huet d'Madamm Landwirtschaftsministerin d'Lëtzebuerger Positioun zum besote Punkt no senger Adoptioun am EU-Ëmweltconseil de 17 Juni an der Regierung thematiséiert?**

Mat déiwem Respekt,

**Joëlle WELFRING**
Députéiert

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture,
de l'Alimentation et de la Viticulture

**Äntwert vun der Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau op d'parlamentaresch Fro n° 976 vun der éierbarer Deputéierten Joëlle Welfring**

1. **Huet d'Madamm Ministerin eng aner Positioun zu der *Nature RestorationLaw* wéi déi, déi vum Ëmweltminister am EU-Ëmweltconseil de 17 Juni vertruede gouf?**

   Neen. Et gëtt nëmmen eng eenheetlech Regierungspositioun.

2. **Wa jo, wéi ass der Madamm Ministerin hir Positioun zur *NatureRestoration Law*?**

   Sans objet.

3. **Ass d'Madamm Ministerin am Virfeld vum Vott beim Här Ëmweltminister intervenéiert fir d'Lëtzebuerger Positioun zum besote Punkt ze änneren?**

   Neen.

4. **Huet d'Madamm Landwirtschaftsministerin d'Lëtzebuerger Positioun zum besote Punkt no senger Adoptioun am EU-Ëmweltconseil de 17 Juni an der Regierung thematiséiert?**

   Neen.

Lëtzebuerg, den 12. Juli 2024

D'Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau

(s.) Martine HANSEN